



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Environnement, du Climat  
et du Développement durable

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°7887 vum 17. Abrëll 2023 vun der éierewärter Deputéiert Madamm Martine Hansen iwwert "Étude sur le glyphosate"**

D'Etüd wäert vum LIST duerchgefouert ginn a sech op véier Aspekter konzentréieren :

- An evaluation of glyphosate and its main transformation product AMAPA in surface waters and ground waters with regard to pollutant source and dynamics as well as potential environmental quality exceedances;
- An evaluation of the accumulation of glyphosate residues in soils and leaching probabilities towards groundwaters and surface waters considering different soil types, especially vulnerable soil types and water-logged alluvial soils;
- Analysis of alternative agricultural management techniques to substitute the use of glyphosate and their economic impact;
- Global vulnerability evaluation for Luxembourg's terrestrial and aquatic ecosystems taking into account its specific hydrogeography, the limits and constraints of different national protection zones, the ecosystem quality to be achieved following different EU directives.

Den Optrag ass iwwert e marché négocié un de LIST vergi ginn. De Käschtepunkt vum Optrag beleeft sech op 36'930€ ouni TVA.

Den Zäitplang gesäit vir, datt d'Etüd der Regierung géint Mëtt Juli virleie wäert.

Am Géigesaz zu der grousser Etüd vun der EFSA, déi sech mat der direkter Wierkung vum Glyphosat op déi mënschlech Gesondheet an op aner Organismen beschäftegt, bezitt d'Etüd vum LIST sech op d'Analys vun der spezifescher Situatioun an eisem Land, besonnesch am Beräich vun der Hydrogeographie an der Hydrogeologie.

Et gëtt analyséiert wéi sech d'Glyphosatbelaaschtung – inklusiv den Ofbauprodukter vum Glyphosat - an de Flëss, de Sedimenter an dem Buedem zu Lëtzebuerg presentéiert an ob d'Belaaschtung Ënnerscheeder opweistgéigeniwwer der Situatioun an deem Land, an deem de Glyphosat fir de Verkaf zougelooss ginn ass.

Fir de Spezifizitéite vu Lëtzebuerg adequat Rechnung ze droen, ginn des Ëmweltnformatiounen elo méi systematesch opbereet an duergestallt.

Lëtzebuerg, den 17. Mee 2023  
(s.) Joëlle Welfring  
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung